**2. Adventssonndeg C**
**Lk 3, 1-6**

An de liturgeschen Texter vum Advent spillt de Johannes den Deefer eng grouss Roll. De leschte Sonndeg krute mer gesot, waakreg ze sinn an äis an Uecht ze huelen ; mam Johannes kréie mer e Beispill gewise vun engem, dee waakreg war.

KONTEXT

Dem Johannes dem Deefer säin ëffentlecht Optriede fänkt un. – Et ass dem Lukas, deen sech vun Ufank un als Historiker duerstellt (cf. Lk 1, 1-4), wichteg de Johannes an de Kontext vun der réimesch- heednescher a vun der juddescher Geschicht ze situéieren. (Hie geet tselwescht vir, wann et ëmt de Jesus geet, cf. Lk 2, 1-2 ; 3, 23.) Dat ass wichteg fir de Lk, well fir hien de Jesus komm ass fir Judden ewéi fir Heeden, d.h. fir d'Mënschen all – wouriwwer deemools vill gestridden ass ginn ënnert de Chrëschten.

Zënter dem Ufank vum Lk-Evangelium bis hei sinn dem Jesus an dem Johannes hir Geschichte parallel erzielt ginn ; hei trëtt de Johannes dann ëffentlech op, gläich drop de Jesus. Duerno geet jiddferee vun deenen zwee säi Wee (cf. Lk 7, 16ff).

TEXT

Et war am 15. Joer vum Keeser Tiberius senger Regierungszäit (V.1) : ongeféier eist Joer 29 n. Chr.
...de Pontius Pilatus war Gouverneur vu Judäa (V.1) : de Pilatus war vu 26-36 Präfekt = Statthalter = Prokurator a Judäa, wéi op enger « Inschrift » steet, déi 1961 fonnt gouf (an net Gouverneur) ; Judäa war en Deel vun der Provënz Syrien. De Pilatus ënnersteet also direkt dem Keeser an a Judäa ass de Präfekt och deelweis dem Legat vu Syrien ënnerstallt. – Et ass ee ganz schwiiregen Job, deen déi meescht net laang aushalen; de Pilatus war also zimlech sécher e capablen Diplomat.
...den Herodes Tetrarch vu Galiläa (V.1) : dem Herodes Antipas begéine mer och nach a Lk 9, 7-9 ; 13, 31f ; 23, 7-12 ; Apg 13, 1 ; hien ass « Tetrarch » vu Galiläa a Peräa vu 4 v. Chr. – 39 n. Chr. Hie gëtt « Tetrarch » genannt fir hie vu sengem Papp, dem Herodes de Groussen z'ënnerscheeden, deem säi Gebitt no sengem Doud 4 v. Chr. ënnert dräi vu senge Jongen (Archelaüs, Herodes Antipas a Philippus) opgedeelt ass ginn.
... de Lysanias (V.1) : et ass net vill iwwert hi bekannt ; vläicht zielt de Lk hien hei just op, well säi Gebitt, Abilene (a Syrien) heednesch war.
... den Hannas an de Kaiphas waren deemools Hohepriister (V.2) : vun der heednescher Geschicht spréngt de Lk eriwwer bei d'Geschicht vum juddesche Vollek. – Den Hannas stoung un der Spëtzt vun den Hohepriister an de Kaiphas war *den* Hohepriister. Déi zwéin Nimm dauchen an der Passiounserzielung vum Joh erëm op ; anerwäerts an den Evangelien an esouguer an der Apg gëtt bal deen een, bal deen aneren ernimmt. *Den* Hohepriister ass de geeschtleche Chef vum ganze juddesche Vollek (déi Zäit eng 6 -7 Millioune Leit uechtert d'Welt !) viru Gott an hien huet de Virsëtz am Sanhedrin zu Jerusalem. An dier Funktioun ass hien de Vertrieder vun de Judden aus Judäa, Idumäa a Samaria beim Prokurator, d.h. bei

der réimescher Okkupatiounsmuecht. Hien hat also keng liicht Aufgab an hien huet missten e ganz gudden Diplomat sinn a vill Bezéiungen hunn.
Et schéngt es wéi wann den Hannas dem Kaiphas säi Schwéierpapp a säi Virgänger als *den* Hohepriister gewierscht wier. Dem Hannas säin Afloss war also bestëmmt nach zimlech grouss ; dowéinst gëtt hien hei wahrscheinlech an engem Otemzuch genannt mat sengem Eedem.
Dunn huet den Herrgott ... (V.2) : wuertwiertlech « du koum/gouf dem Herrgott säi Wuert bei de Johannes ... an der Wüüst ». Tselwescht gëtt dem Prophéit Jeremias seng Beruffung an der LXX (Septuaginta, der griichescher Iwwersetzung vum hebräeschen Alen Testament ; Jer 1, 1) beschriwwen. D.h. de Johannes ass e Prophéit wéi de Jeremias.
– E Prophéit am biblesche Sënn ass keen Hellseher, keen, dee seet, wéi e Wierder an enger Woch ass, mee, een, deen am Numm vum Herrgott schwätzt (prophämi = schwätzen an der Plaz vun) an deen derzou oprifft sech vun der Sënn ewech a Gott zou ze kéieren.
... an der Wüüst (V.2) : an der Iwwerliwwerung vum juddesche Vollek ass d'Wüüst déi Plaz, wou ee Gott am Beschte ka begéinen (cf. nom Auszuch aus Ägypten, a queesch duerch d'Bicher vum Alen Testament).
... an déi ganz Emgéigend vum Jordan eng Daf vun der Emkéier verkënnege gaang ... (V.3): Zu däer Zäit war eng rituell Réngegung mat Waasser am Juddentum bekannt (z. B. zu Qumran, wou awer och Wäert geluecht ass ginn op eng bannewänneg Bekéierung, bei de Pharisäer, an och bei de Proselyten, d.h. Leit, déi sech zum juddesche Glawe bekéiert hunn). Dem Johannes seng Daf war awer e bëssen anescht : seng Daf war jiddferengem zougänglech an si war just fir ee Mol, d.h. si konnt normalerweis keng zweete Kéier widderholl ginn. Et huet een sech misse virhuelen sech säriös ze bekéieren, en vue vum Noloosse vun de Sënnen. D'Sënnen huet ee missen haart agestoen. « Sech bekéieren » huet geheescht : versichen d'Kéier am Liewen ze kréien a versichen op Gott ze vertrauen. Wie vum Johannes gedeeft ginn ass, ass mat eragaangen an d'Endzäit, d.h. an déi lescht Etapp vun der Geschiicht tëscht dem Herrgott an de Mënschen.
Esou wéi et am Buch vun de Wierder vum Prophéit Isaias geschriwwe steet (Vv.4f) : de Lk (wéi och de Mt an de Mk) mécht hei eng Uspillung u Jes 40, 3-5 LXX, mee si spieren sech fräi « maacht eisem Gott seng Pied grued » duerch « maacht seng Pied grued » z'ersetzen, wat et hinnen erméiglecht dat Zitat dann op de Jesus ze bezéien !
Wann den Här da kënnt, an dat ass dem Johannes no imminent, da ginn d'Pied, wou hien driwwer geet, grued gemeet, d'Schluchte ginn opgefëllt (V.5), Bierger an Hiwwele ginn ofgedroen – esou wéi effektiv e Wee fir e Kinnék oder Keeser deemools (a bis bei d'Franséisch Revolutioun an eise Géigenden) prett gemeet ass ginn (ausser natierlech wa Krich war).
An all Mënsch gesäit d'Rettung, déi vum Herrgott kënnt (V.6) : déi Rettung, déi do kënnt, gëtt also vun engem Kinnék bruecht ! An all Mënsch (an Hebräeschen : all Fleesch, all Kreatur), net nëmmen d'Judden, gesäit dës Rettung. Dat ass typesch fir de Lk : Gott riicht d'Invitatioun fir d'Kéier ze maachen am Liewen, fir da mat an déi lescht Etapp vun der Heelsgeschicht eran ze goen, un all Kreatur ; dem Lk, dee fir e gudden Deel Chrëschte schreiwt, déi bekéiert Heede waren a mat deenen e fromme Judd näischt wollt ze dinn hunn, ass dëst e besonnescht Uleies gewierscht. Ganz um Wutz vun der Apg (Apg 28, 28) schreiwt hien dann och nach eng Kéier dat selwescht wéi hei !

An engems gëtt hien dem Jesus sengem Optrieden op dës Aart a Weis eng weltbeweegend Dimensioun, well eben all Kreatur dem Herrgott seng Invitatioun gesäit, se gesäit an deem Jesus. Gott kënnt de Mënschen esou wäit entgéint, datt si d'Rettung, déi hie schéckt gesi kënnen – an deem wat de Jesus mécht a seet, wann hien elo gläich untrëtt.

(Fränz Biver-Pettinger)